Stand ð Oktober 2023

# Informatiounsblad zum Krautgaart-Geméiskuerf

De Krautgaart-Geméiskuerf funktionéiert nom Prinzip vun der **solidarescher Landwirtschaft - kuerz Solawi**. Bei enger Solawi deelt sech e Grupp vu Konsumenten oder och Membere während enger Saison d'Rekolt vun engem oder méi Betriber.



Vu, dass de Bauer vill Ausgaben am Ufank vun der Saison hutt, gëtt de Bäitrag ganz am viraus oder an Tranche bezuelt. De Mindest-Bäitrag ergëtt sech aus de viraussiichtleche Betribskäschte gedeelt duerch d'Unzuel vun de Memberen.

## Eng Memberschaft beim Krautgaart bedeit:

- All Woch e **Kuerf voll mat frëschem Geméis**.
- Méi wéi **70 verschidde Geméiszorten** iwwert d'Saison entdecken.
- **Manner Liewensmëtteloffall** - all Geméis gëtt verdeelt, och Geméis dat optesch net der Norm entsprécht, awer qualitativ dowéinst net méi schlecht ass.
- E **perséinleche Bezuch zum Produzent** an d'Méiglechkeet him Feedback ze ginn.
- Den **ekologesche Gaardebau** - eng nohalteg Notzung vu knappe Ressourcen, wéi Waasser, fruchtbare Buedem a fossiller Energie mat manner schiedlechen Emissiounen fir eis Ëmwelt. Mir benotzen keng Pestiziden a färderen duerch eis Aarbecht e gesonde Buedem - d'Grondlag fir gesond a narhaft Geméis.
- **Ëmweltfrëndleche Konsum** duerch kuerz Transportweeër a manner Verpakung.
- E **gerechte Loun** garantéiert duerch Transparenz, keng Têschenhändler an e solidareschen Bäitrag.
- **Schafe vun Aarbechtsplazen** am ländleche Raum.
- Den **Erhalt vun enger klengstrukturéierter, villfälteger Landwirtschaft** a domat och enger interessanter Kulturlandschaft.



# Froen an Äntwerten

**Wéi vill Wochen am Joer kann ech mäi Geméis siche goen?**
D'Längt vun der Saison ass ofhängeg vum Wieder, geet awer mindestens vu Mee bis November. 2022 war déi éischt Verdeelung den 22 Abrëll, an déi lescht Verdeelung den 25 November. Wann dat éischt Geméis prett fir d'Rekolt ass, informéieren mir eis Memberen.

**Fir wéi vill Leit ass e Geméiskuerf?**
De Geméiskuerf ass gutt gefëllt. Wéi laangs du domat kënns, hänkt vum Haushalt an den Iessgewunnechten of.

**Wéivill Geméis ass am Kuerf?**
D'Geméiskierf sinn esou zesumme gesat, dass du schéin Menüen kanns kachen. Hei dräi Beispiller:

**Mee** – Gromperen, Spinat, jonk Muerten, Fr. Zwiebelen, Réidercher, Zalot (Kapp o. Mesclun), Navets, Kohlrabi, Péiterséileg an aner Kraider
**August** – Auberginen, Tomaten, Cucumbas* (*sou ginn eis Concomberen op Jamaica genannt), Poivron, Zucchinis, Zalot, Mangold, Muerten, verschidden Kabeszorten, Bounen, Gromperen, Ennen, Knuewelek, verschidde Kräider
**Oktober** – Tomaten, Paprika, Auberginen, Zucchini, Porretten, Muerten, eng Auswahl u Kabeszorten, Potiron, Gromperen, Endivien Zalot, Mesclun, Spinat, Pastinaken, Kraider

**Wéi, wou a wéini kréien ech mäi Geméis?**
De Geméiskuerf kenns du op ee vun eise Verdeelungsplazen sichen. An eiser Scheier zu **Käerch op 1, chemin de la fontaine** a beim Claude an der Garage zu **Kayl op 7, rue Jules Wilhelm.** D'Verdeelung op deenen zwou Plazen ass ëmmer **Freides. Zu Käerch vun 16:30-19:30 Auer an zu Kayl vun 16:30-19:00.**

**Wéi e Geméis kréien ech?**
All Geméiskuerf besteet aus 5 bis 15 saisonal Geméis- an Kräiderzorten aus eise Gäert. Iwwert d'Joer verdeelt kënnt der esou méi wéi 70 Geméis-Varietéiten entdecken. Mir hunn dräi grouss Zären (insgesamt 600m2) an deenen mer och dat méi südlännescht Geméis wéi Tomaten, Paprikaen an Auberginen ubauen.

**Wat maachen ech wann ech e Geméis net gär hunn, resp. aus gesondheetleche Grënn net iesse kann?**
Fir dës verständlech Situatioun hu mir en Tauschkëschte virgesinn. Hei kanns du däi Geméis géint anert Geméis tauschen!

**Wat maachen ech, wann ech keng Zäit hunn d'Geméis sichen ze kommen?**
Wann Dir eemol keng Zäit hutt äert Geméis sichen ze kommen, dann kann och eng aner Persoun an ärer Plaz kommen. Dës kënne Famill, Frënn oder d'Nopere sinn. Dir musst eis dofir net extra am Viraus informéieren. Wann Dir eis bis Donneschdes kënnt Bescheed soen, da kënne mir Äre Kuerf ausnahmsweis ze Stengefort an eisem Gaart ofstellen - do kënnt Dir en bis Méindes siche goen.

**Wat bedeit d'Risikodeelung an der solidarescher Landwirtschaft?**
Duerch spéiden oder fréie Frascht, Knëppelsteng, staarke Reen oder Drëscheperioden kann et zu Ausfäll bei der Rekolt kommen. An dësem Fall kann de Geméiskuerf manner grouss ausfalen. An der solidarescher Landwirtschaft deele sech de Bauer an d'Membere vun der Solawi dëse Risiko.

**Ass et méiglech mäi Geméiskuerf temporär ofzebestellen?**
Dëst ass während der Saison net méiglech. Fir eis ass dës Verbindlechkeet wichteg fir eisen Ubau laangfristeg kënnen ze plangen.

**Kann ech d'Memberschaft während der Saison kënnegen?**
Grondsätzlech ass dat net méiglech. Du kanns awer e Remplaçant proposéieren, den d'Geméis weiderhi siche kënnt. E Remboursement ass net virgesinn.

**Gëtt Geméis bäikaf?**
De gréissten Deel vum Geméis ass aus eise Gäert vu Stengefort a vu Käerch.
Bei verschiddenem Geméis ass de Bäikaf ageplangt. Esou zum Beispill bei de Gromperen, wou mer mat den Biobaueren Mario Kleer a Fischbach-Reiff zesummeschaffen. Och am Fall wou mer e gréisseren Ausfall bei enger Kultur hätten, kann et sinn dass mir bei engem aneren lokalen Produzent akafen. Am Fall wou e Geméis net aus eisen Gäert ass, informéieren mir dech bei der Verdeelung.

**Wat ass de solidareschen Bäitrag - SoliBa?**
Mir leeë vill wäert drop, eise Service kontinuéierlech ze verbesseren a dobäi d'Wënsch vun eise Clienten ze berécksiichtegen. Dat kënne mir am beschte maache wann all eis Ausgaben iwwert d'Recettë vum Geméiskuerf gedeckt sinn an mir dobäi e respektabele Loun verdéngen.
Mam solidaresche Bäitrag kanns Du eis hëllefen dëst Zil ze erreechen! Niewent dem Mindest-Bäitrag vun 950€ pro Saison bidde mer dir weider Bäitrag-Optiounen. Detaileiert Informatiounen heizou fënns du op eisem Internet-Site www.krautgaart.com ënnert SoliBa.

**Hues du nach Froen?**
Dann schreiw eis eng E-mail op **rita@krautgaart.lu**.




**Vu lenks no riets : Sophie, Max, Jakob, Rita & Claude**